# E Luef op d'Éierlechkeet

Politiker kréien sou oft reprochéiert, se géngen de Leit Bräi ëm de Mond schmieren, se wieren net éierlech, se gingen net halen, wat se verspriechen, a villes méi. Se sinn „d'Sënnebéck“ fir all Méigleches.

Wann dann ee grondéierlech ass a seet, wat en denkt a well – wéi den Här Juncker betreffend seng Haltung bei engem massiven „Neen“ –, da misst e jo Unerkennung fannen, besonnesch wann et sech em een, och fir Lëtzebuerg, vitaalt Problem handelt: ëm Fridden, ëm méi sozial Gerechtegkeet asw.

Dass eise Premier awer elo esou erbäigeholl gëtt; dass en ë. a. Mangel un demokrateschem Handelen, Mangel u Respekt virum Bierger a wat en nach alles virgeworf kritt: da fannen ech dat méi wéi speziell.

Wann da Wierder falen am Zesummenhang mat Machenschafte vu KPDSU, SED; wa rieds geet vun 99,99 % bei de Parteideeg, da ging ech am léifste laachen, wann et an dëser Situatioun net fir ze kräische wier: well en „Nee“ grad fir Lëtzebuerg katastrophal Konsequenze kënnt kréien.

Musse mer net dankbar sinn all deene vis-à-vis, déi sech zënter Joerzéngten asetze fir e gëeent, versöhnt, sozialt Europa, an deem all klenglechen, chauwinisteschen an egoisteschen Nationalissem iwwerwonne gëtt, duerch solidarescht Denken an Handelen.

Geruedheet, Éierlechkeet si Viraussetzungen, déi musse honoréiert ginn, och wann se net jidderengem schmaachen.

Aus parteipoliteschen Interessen oder aus iergendenger, vläicht, revanchistescher Haltung eraus, „Nee“ schmetteren, well och aner dat maachen, ass bëlleg a verantwortungslos, a ka schlëmm Folge kréien, mat deenen een net gerechent huet.

Besonnesch a Krisesituatiounen: net Angscht, mä Informatioun, Respekt a Solidaritéit: dat schingt mir méi éierlech.

Ferdy Fischer